



Struktur oder mat där gemeinsamer Struktur versiche mer dann eben, déi Kontakter, déi awer permanent sinn... Et gëtt permanent Échangen zwësche Lëtzebuerger Leit aus dem Rettungswiesen an der Belsch, zwësche Lëtzebuerger Leit aus dem Rettungswiesen a Frankräich an och mat Rheinland-Pfalz an dem Saarland. Et gëtt also do ganz kloer Kontakter, och um klengen Déngschtwee, wéi een dat esou nennt. Do gëtt et wierklech konkret Saachen. An et geet drëm, eng Methodologie ze kréien, fir dass déi da konsequent a kohärent zesummeschaffen.

Voilà, dat gesot, soen ech lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Innen- an Arméiminister. Domadder wäre mer um Enn vun eiser Diskussioun a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dis- pense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6335 ass ugeholl mat 59 Jo- Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par M. Félix Eischen), Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler (par Mme Martine Mergen), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Scheuer), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lax (par M. Marc Angel), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Claude Adam), Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox (par M. Félix Braz), Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché);*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zum leschte Punkt vun eise Ordre du jour, nämlech d'Proposition de loi iwwert d'Parteiefinanzéierung. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Spautz, Bodry, Braz a Gibéryen. D'Wuert huet elo den Auteur-rapporteur vun der Proposition de loi, den honorabelen Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

## 11. 6263 - Proposition de loi

**1. portant modification de la loi du 21 décembre 2007 portant réglementation du financement des partis politiques;**

**2. portant modification de la loi électorale modifiée du 18 février 2003**

**Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle**

► **M. Paul-Henri Meyers** (CSV), *auteur-rapporteur.* - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesvorschlag 6263 ass an der Institutionskommissioun ausgeschafft ginn no den Diskussiounen, déi déiselwecht Kommissioun hat am Zesummenhang mat der Ausféierung vum Parteiefinanzéierungsgesetz vum 21. Dezember 2007.

D'Kommissioun huet sech laang mat där Problematik ofginn an huet och d'politesch Parteien an déi Diskussioun matabezunn, sou wéi d'Kommissioun och d'Rapporté vun der Cour

des Comptes an d'Recommandatiounen an och d'Rapporté vun dem Groupe d'États contre la corruption vum Conseil de l'Europe - an Ofkierzung GRECO - sou wäit wéi méiglech an hiren Diskussiounen och berücksichtegt huet.

Et kann ee festhalen, dass d'Gesetz vum 2007 verschidden Zilsetzungen hat. Dat waren ënner anerem: d'Transparenz vun der Finanzéierung vun de Parteien ze assuréieren, d'Onofhängegkeet vun de Parteien ze stäerken, besonnesch, wat den Afloss vun de Privatentreprises ugeet, d'Interessekonflikter ze vermeiden an de Parteien eng staark finanziell Hëllef oder e staarkt finanziell Akommes ze garantéieren.

D'Kommissioun konnt feststellen, dass déi Ziler wäitgehend erreecht si ginn, dass also d'Gesetz vum 2007, sou wéi et elo virläit, a senge wesentlechen Ausriichtungen och dat erreecht huet, wat virgesi war.

Allerdéngs war d'Kommissioun och der Meenung, dass et e puer Punkte gëtt, déi musse méi kloer formuléiert ginn. Et muss een och derfir suergen, haaptsächlech fir de Reproché vum GRECO entgéintzekommen, dass och déi stroferechtlech Bestëmmungen e bësse méi visibel ginn, wéi se et bis elo waren. D'Kommissioun huet duerfir och bei der Redaktioun vun hirem Text sou wäit wéi méiglech déi Recommandatiounen berücksichtegt.

Et kann ee festhalen - den Text huet dräi Deeler -, dass deen éischten Artikel sech mat den Ännerungen vum Parteiefinanzéierungsgesetz vum 21. Dezember 2007 befaasst. Fënnf Punkte gi geännert. Eng éischt Ännerung betrëfft d'Publikatioun vum Bilan a vun de Konten vun de Parteien.

No den Article 6 a 17 vun deem jëtzen Text ginn d'Konten an d'Bilane publizéiert enger-säits op der Internetsäit vun der Chamber an anerersäits am Mémorial B. Elo ass et awer esou, dass bei der Chamber déi Publikatioun geschitt ass, soubal wéi den Dépôt gemaach war, während d'Publikatioun vun de Konten an de Bilanen am Mémorial eréischt geschitt ass, nodeem de Rapport vun der Cour des Comptes virloucht. Dat heescht, mat engem Retard bal op jidde Fall vu sechs Méint an nach méi. Dee Retard ass och vum GRECO ganz staark kritisiéiert ginn, an en huet och gefrot, dass déi Publikatioun misst méi séier gemaach ginn.

D'Kommissioun war der Meenung, dass déi zweegleiseg Publikatioun eigentlech kee Sënn mécht an dass et och kee Sënn mécht, fir eng Publikatioun am Mémorial ze maachen, ee Joer nodeem d'Konte schon deponéiert waren. Duerfir hu mer proposéiert, déi Publikatioun am Mémorial falen ze loossen, well et eigentlech kee Sënn méi mécht och am Hibleck dorop, dass jiddwereen op der Internetsäit vun der Chamber all d'Donnéen iwwert d'Konten an d'Bilane vun de Parteien direkt, wa se deponéiert sinn, kann akucken.

Eng zweet Ännerung betrëfft den Artikel 7, dee méi kloer formuléiert soll ginn. Den Artikel 7 gesäit vir, dass - ech zitieren hei den Text - bei enger falscher Deklaratioun d'Partei deen duebele Betrag un de Stat muss zrëckbezuelen.

Den Ausdrock „falsch Deklaratioun“ ass zweedeiteg. Ech explizéiere mech: Eng Deklaratioun ka falsch sinn duerch ee materielle Feeler, ouni dass domat d'Intentioun war, fir wierklech eng Fälschung ze maachen. Et kann ee sech geiert hu bei enger Zesummerechnung. Dat weess jiddwereen. Dat kann ee redresséieren. Den Text ënnerscheet also net, wéi en elo virläit, tëschent engem Iertum an enger wierklecher stroferechtlicher Handlung, wou ee bewosst eng Fälschung mécht, fir méi Geld vum Stat ze kréien. A mir hu versicht, déi zwou Méiglechkeete méi kloer ausermeenzehalen.

Läit en Iertum oder e materielle Feeler vir, ouni dass eng bewosst Fälschung geschitt ass, muss selbstverständlech dee Betrag, deen ze vill bezuelt ginn ass, un de Stat zrëckbezuelt ginn, dee Moment, wou et festgestallt gëtt, notament vun der Cour des Comptes.

Läit awer eng bewosst Fälschung vir, déi duerch en Uerteel vum Strofgericht dokumentéiert ass, da muss d'Partei deen dräifache Betrag vun deem, wat se onrechtméisseg kritt huet, un de Stat zrëckbezuelen. Dee Moment ass och dat Zrëckbezuelen eigentlech eng Peine accessoire zu der stroferechtlicher Handlung, déi vum Gericht festgestallt ginn ass. Mir hunn duerfir och den Artikel 17 - do kommen ech nach derzou - an deem Sënn ofgeännert.

Drëttens, eng drët Ännerung betrëfft d'Donen. Hei gëtt haaptsächlech prezisiéiert, wat een ënner „don en nature“ muss verstoen. Et ass net einfach - an dat hunn d'Parteien och zou- ginn -, fir festzustellen, wat dann een Don en nature ass. De Conseil d'État huet souguer a sengem Avis - liest deen no, deen ass och e bëssen ironesch formuléiert -, gemengt, et sollt een d'Dons en nature ganz fale loossen, well se schwéier ze erfasse sinn. An e schwätzt vun der „corbeille bien remplie“, déi d'Membere

vun enger Partei bei engem Duerffest spendéieren an esou virun. Awer dat ass schonn interessant, wat de Conseil d'État seet.

Mir sinn allerdéngs dem Conseil d'État op deem Punkt net gefollegt. Mir sinn der Meenung, dass, wann d'Donë kënnen evaluéiert ginn a wa se iwwer 250 Euro leien, se dee Moment och mussen als Don ausgewise ginn, well dat jo awer eng gewëssen Importenz huet. Domat sinn all déi kleng Déngschtleschtungen a Servicer, déi d'Membere vun enger Partei hirer eegener Partei leeschten, net méi als Donen ze considéieren, wat eigentlech och - dat huet jiddweree festgestallt - eng onméiglech Situat-ioun war, wat jo eigentlech net kann dee Moment richtig erfaasst ginn. Ech wëll net do mat Beispiller dëngen, well do kéint een der och vill bréngen.

Eng véiert Ännerung, déi et ze prezisiéiere gëllt, dat sinn déi Geldleschtungen, déi déi poli-tesch Mandatairen opgrond vun hirem Mandat un hir eege Partei offéiere sollen oder mussen. Bei deene meeschte Parteien ass virgesinn, dass se en Deel vun deene Geldleschtungen, déi se opgrond vun hirem Mandat kréien, un d'Partei offéieren.

An deem Text, deen elo en vigueur ass, steet dran, dass déi Geldleschtungen ni als Don kënnen considéiert ginn. Deen Text ass vum GRECO kritiséiert ginn. An och d'Membere vun der Partei waren där Meenung, dass, wann een do keng Limité setzt, da kéinten iwwert dee Wee Donen un d'Partei gemaach ginn, iwwert den Émwee vun de Mandatairen, ouni dass déi dee Moment als Donë brächten ausgewisen ze ginn. E Mandataire kéint also alles, wat en als Mandataire kritt, souguer deen duebele Betrag oder deen dräifache Betrag, ginn, ouni dass dat als Don considéiert géif ginn, wat natierlech och net de Sënn vum Text war.

Fir deene Remarquë vum GRECO och Rech-nung ze droen, gesäit d'Kommissioun dann elo vir, dass an Zukunft déi Geldleschtungen, déi all Mandataire muss offéieren, vun der Partei selwer fixéiert ginn an engem offiziellen Doku-ment, sief et an de Statuten oder an engem Rè-glement interne, an dass dann all dat, wat dee Mandataire iwwert dat, wat d'Partei him impo-séiert, un d'Partei offéiert, als Don considéiert gëtt an och als Don muss ausgewise ginn.

Fir déi do Bestëmmung ze kontrolléieren, mussen dann - dat steet zwar net am Text - awer all Parteien der Cour des Comptes mat hire Konten an hirem Bilan och déi dote Be-stëmmunge vun hire Statuten oder dee Règle-ment interne mat ofginn.

Eng lescht punktuell Mesure ass d'Neifaassung vum Artikel 17. Do war bis elo d'Publikatioun virgesinn am Mémorial. Déi fält ewech. Déi gëtt duerch eng stroferechtlech Bestëmmung ersat. Dat ass keng nei penal Bestëmmung. Et ass een Hiweis, dass, wann d'Parteien d'Be-stëmmungen, eenzel Bestëmmungen - notament bei den Donen - vum Gesetz net anhalen, dass dann d'Article 496 1, 2 an 3 applicabel sinn.

De Conseil d'État huet mat Recht gesot, déi sinn de toute façon applicabel bei enger Fälschung, also braucht Der et net ze soen. Mir hunn et hei gemaach, well de GRECO eis drop opmierksam gemaach huet, dass déi Bestëm-mungen net do waren. Si sinn do. Heimat gi se just méi visibel gemaach. Et komme keng nei stroferechtlech Bestëmmungen. Et gëtt just drop higewisen, et gëtt ee Verweis gemaach op déi doten Artikelen, déi de toute façon applicabel waren.

An engem Artikel 2 proposéiert d'Institutionskommissioun, d'Wahlgesetz vum 18. Februar 2003 ofzeännern an den Artikel 93bis bäize-fügen. Deen Artikel fixéiert d'Modalitéiten, no deenen déi politesch Parteien no de Wahlen d'Käschte vun de Wahlen kënnen bei der Cham-ber zrëckfroen, een Deel oder jee no de Moda-litéiten. Déi Modalitéite stoungen elo am Regle-ment vun der Chamber. D'Chambersreglement ass awer keng Ausféierungsbestëmmung vun engem Gesetz. Duerfir hu mer gemengt, et wier besser, wann een déi Modalitéiten an d'Gesetz selwer géif setzen. A wa se ze prezi-séiere sinn, solle se duerch ee Règlement grand-ducual prezisiéiert ginn.

Den Text vum 93bis bréngt dann awer och eng Neierung. An dat ass, dass no der Kritik vum GRECO d'Kommissioun proposéiert, dass déi Bestëmmunge vum Parteiefinanzéierungsge-setz, notament déi vun den Donen, och ap-plicabel si bei der Finanzéierung vun de Wahl-campagnen an dass d'Parteien dee Moment och déi Donen, déi se während der Wahlcam-pagne kréien, matdeelen. Si misse se souwisou an hire Konten ausweisen, mä hei musse se dee Moment och der Chamber, wa se déi Hëlfe-fen zrëckfroen, déi Donen, déi se kritt hunn am Hi-bléck op d'Wahlcampagne, da matdeelen.

An engem Artikel 3 schléit de Conseil d'État vir, dass dat Gesetz hei op den 1. Januar 2012 soll

a Kraaft trieden, notament wéinst de Mesuren, déi d'Kontabilitéit vun de Partei be-treffen. D'Kommissioun ass selbstverständlech och mat deem Text d'accord. A fir dass den Text virum 1. Januar kann a Kraaft trieden, muss en also och virum Enn vun deem Joer gestëmmt ginn.

An et ass dat, wat ech lech géif bieden, Dir Dammen an Dir Hären, fir deem Text zouze-stëmmen, an zwar an där Form, wéi en eestëm-meg vun der Institutionskommissioun ugeholl ginn ass.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Auteur-rapporteur. An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Bodry agedroen.

**(Interruption)**

Den Här Klein intervenéiert am Numm vum Här Bodry.

**Discussion générale**

► **M. Jean-Pierre Klein** (LSAP). - Dir Dammen an Dir Hären, Merci dem Här Rapporteur fir säin...

► **M. le Président.** - Entschëllegt, den Här Spautz...

**(Interruption)**

Mä da fiert den Här Klein virun an da kënt den Här Spautz.

**(Interruptions et hilarité générale)**

► **M. Jean-Pierre Klein** (LSAP). - Här Pre-sident, am Numm vun der LSAP-Fraktioun géif ech dem Rapporteur villmools Merci soe fir säi prezise Bericht, e Rapport mat där Prezisioun, wéi mer dat vun him gewinnt sinn. D'Gesetzge-bung vun 2007 ass vill méi kloer ginn. Mir kënnen roueg eisen Accord zu deem Projet de loi ginn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Sou, an elo kritt den Här Marc Spautz d'Wuert.

► **M. Marc Spautz** (CSV). - Här President, léif Kolleginnen a Kollegeen, fir d'Éischt wëll ech dem Paul-Henri Meyers villmools Merci soe fir seng Aarbecht an och fir säi Rapport. Et ass ze begreissen, dass d'Gesetz vum 21. Dezember 2007 elo op verschidde Punkten och clarifiéiert gëtt, wat noutwendeg ass. Den Artikel 7 - de Paul-Henri Meyers huet dat erkläert - ass ganz wichteg, well do dann och herno gekuckt gëtt mat den Dons en nature oder net en nature. D'Parteien hu jo net méi spéit wéi gëschter de Rapport zougestallt kritt a solle jo elo Stellung huelen zu deene Saachen, déi am Rapport stinn. An do huet ee jo gemierkt, wéi wichteg et ass, dass déi Dons en nature definitiv géife kloergestallt ginn. Et si jo och bei sämtleche Partei Kontrollen an de Lokalsektiounen ge-maach ginn, déi och énuméréiert ginn, sou dass et och wichteg ass virun allem fir eis Lokal-sektiounen, dass dat gekläert ass, dass se wës-sen, wou et higee.

Ech wëll mer awer erlaben, vun deser Plaz aus e puer Remarquen nach ze maachen. Mir mussen awer oppassen an desen Diskussiounen. Wéi dat elo ass, dat hu mer elo bei de leschte Wale festgestallt, dass do an de Proporzgemengen ëmmer méi fräi Lëschten untrieden. An do sinn dann déi Kollegeen, déi mat offizielle Partei-lëschten untrieden, jo benodelegt, well déi mussen hir Konten opleteen, an déi, déi als fräi Lëschten optrieden an de Proporzgemengen, gi jo net kontrolléiert, weder vun der Cour des Comptes nach vu soss engem, wou awer d'Lo-kalsektiounen vun den etabléierte Partei kon-trolléiert ginn op déi Ausgabe respektiv op déi Recetten, déi se gemaach hunn. Dofir wier et wichteg, dass mer och eis doriwwer eng Kéier ënnerrhalen, fir dat, wat d'Proporzgemengen ubelaangt, wat misst gekläert sinn.

Et muss ee jo och wëssen, dass - aneschtens wéi bei den Europawahlen a bei den National-wahlen - jo am Wahlkampf d'Rückerstattungs-kosten nëmme spielen an de Chambers- an Europawahlen, an net an de Gemengewahlen. An do hu mer alleguerten, all Parteien, déi hei-banne vertratt sinn, ëmmer gesot, dass nach ëmmer d'Gemengewahlen d'Ürzell an d'Kärzell vun der politescher Demokratie wieren. An do misst ee sech och eng Kéier d'Fro stellen, wéi een dat och aneschtens ka maachen, wéi dat bis elo opgepasst gëtt.

En zweete Punkt, wou mer mussen oppassen, dat ass, dass d'Parteien net Strukturen an Ennerorganisatiounen maachen, déi juristes-ch getrennt sinn an domadder aner Moyenen hunn, fir awer kënnen Donen ze huelen an Do-nen ze kréien - awer just d'Mammepartei ka keng kréien. Do muss een och oppassen, wéi dat mat dem juristesche Punkt ass. Ech mengen, dat ass eng Fro, mat där mer eis och eng Kéier mussen beschäftegen. Sou wéi ech de GRECO an Zwëschenzäit an deenen doten Dis-





kussioune matkritt hunn, deene wäert dat spéitstens bei hirem nächste Bericht och afalen, fir domadder ze kommen.

Drëttens musse mer awer och oppassen, dass mer mat deem Gesetz net de Bénévolat an der Parteiaarbecht futtimaachen. Net, dass verschidde Leit sech herno d’Fro stellen: Wann ech elo nach Caissier ginn, setzen ech da schonn iergendwou a Problemer an hu scho Problemer, ier et lassgeet? Mä dass och de Bénévolat an de Parteien nach méiglech bleift, well mir si jo Membersparteien a mir hätte jo och gär, dass d’Leit sech kënnen am Bénévolat mat abréngen. Net, dass ee sech herno ëmmer muss froen: Wann ech mech elo an dee Comité mellen an do wier iergendeppes, dann hänken ech.

Ech mengen, dat ass wichteg. Och virun allem mir als Vollekspartei gesinn, dass déi, déi eng Memberspartei sinn, dass et do wichteg ass, och deene Leit déi Sécherheet ze ginn, fir dass se net Angschtgefiller kréien: Wat ass dat elo, wann ech elo deen Don unhuelen oder wann ech elo déi dräi Thüringer oder véier Thüringer gegrillt hunn?

Dat, Kolleeginnen a Kollegeen, ware just déi puer Remarquen. Ech wollt awer kloer soen, dass mir selbstverständlech déi Proposition de loi vum Paul-Henri Meyers ënnerstëtzen an dass mer him och Merci soe fir déi Aarbecht, a selbstverständlech och der Kommissioun fir deen unanimë Vote. Ech hoffen och, dass dat hei esou heibanne gestëmmt gëtt, mä dass mer duerno nach eng Kéier an enger nächster Phas och iwwert déi aner Problemer nach schwätzen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Spautz. Als nächste Riedner ass den Här Braz agedroen. Här Braz, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*). - Merci, Här President. Ech wëll och am Numm vun der grénger Fraktioun dem Paul-Henri Meyers Merci soe fir säi ganz guddeschréfflechen an och mëndleche Bericht, deen en am Numm vun der Kommissioun gemaach huet. Ech mengen, mir sinn hei elo schonn eng Weilchen amgaangen, net nëmmen als Parlament, mä och mat de Parteien, déi Leit hei am Parlament hunn, iwwert dës Problematik ze schwätzen.

Et ass richtig, dass de GRECO den Ustouss ginn huet. Dat hätt awer net misse sinn. D’Froe wéi déi, déi de GRECO opwerft, sinn an all Demokratie richtig Froen a wichteg Froen, déi ee sech muss stellen an déi ee sech och muss beäntweren. Et geet ëm Froen vun Transparenz. Et geet ëm Froen vu Conflits d’intérêts. An et ass, mengen ech, zur Eier vun all Parlament, wann et sech mat dëse Froen beschäftegt.

Mir hunn et gemaach ënnert dem Impuls vum GRECO, deelweis och ënnert dem Drock vum GRECO. Mat Momenter hate mer och d’Gefill, dass de GRECO säin Drock net gläichméisseg verdeelt iwwert déi eenzel Länner, mä dass en den Drock méi punktuell verdeelt. Mä dat ass awer net schlëmm, well, wat dobäi erauskënnt, ass eppes, wat, mengen ech, fir eist Parlament keng schlecht Saach ass. Déi Regeln, déi mer eis ginn hunn, déi Regeln, déi mer elo e bëssen iwwerschaffen an e bësse verbesseren, mengen ech, maachen aus eisem Parlament eng besser Institutioun wéi virdrun.

Et sinn eng Rei Froen opgeworf gi vum Marc Spautz. Ech wëll déi net widerhuelen. Ech wëll der awer nach eng oder zwou drunhänken, iwwert déi mer eis och nach eng Kéier missten ënnerhalen. Déi eng Fro ass déi vun der Personalité juridique vun de Parteien. Dat hu mer schonn diskutéiert. Mä mir sinn net wierklech zu enger aner Konklusioun komm wéi an der Vergaangenheet.

Ech mengen awer, dass den Trend awer dee wäert sinn, dass mer eis iergendwann eng Kéier an nächste Zukunft..., awer och do zum Deel aus deem, wat den Här Spautz och opgeworf huet, vun deene politesche Gruppéierungen, déi nëmme punktuell optrieden, do sinn natierlech Froen, déi gestallt bleiwen. Wann een déi wëllt kënnen beäntweren, da muss et natierlech eng Äntwert sinn, déi fir sämtlech Parteien gëllt. Et kann net sinn, dass mer elo Ad-hoc-Léisunge gëfen ustriewe fir lokal Lëschten an dëser oder där Gemeng.

Dofir menge mer als gréng Fraktioun, dass mer à terme net derlaanscht kommen, eis och mat der juristescher Form vun de Parteien zu Lëtzebuerg awer ze beschäftegen, ouni awer dofir iwwert d’Zil erauszeschëssen. Et soll een et awer net verkomplizéieren. Dee Wunsch no enger Debatt iwwert déi politesch Struktur ass kee Plädoyer fir eng Verkomplizéierung vun de Prozeduren.

Mir fannen als gréng Fraktioun, dass dat fir eis Lëtzebuerg Gesetzgebung schwätzt, dass et relativ lichter ass, sech un enger Wahl ze be-

deeleen, wesentlech méi lichter wéi bei deene meeschten anere Länner an Europa, wou ganz vill Formalismus zum Deel verlaangt gëtt, fir sech kënnen un enger Wahl ze bedeelegen. Dat muss een, mengen ech, net ustriewen.

Ustriewe soll een awer, dass een och bei der Fro vun der juristescher Form - wat kann als Partei gëllen? - sech nach muss Gedanke maachen. An ech mengen, dass déi Diskussioun och eréischt wäert clôturéiert ginn, wa mer se eng Kéier beäntwert hunn. Soulaang mer dat net maachen, wäert et eng éiweg Debatt sinn, déi mer virun eis schleefen. Dofir, menge mir als gréng Fraktioun, solle mer se féieren an och eng Kéier zu Enn bréngen.

Zweet Remarque: zu den Dons en nature. De Marc Spautz ass zum Deel drop agaangen. Ech wëll awer nach en anere Volet opgräifen. An och an der Kommissioun, wou mer eis doriwwer ënnerhalen hunn, huet déi gréng Fraktioun déi Fro schonn opgeworf. Et gëtt och nach aner Dons en nature, déi am Moment net vum Gesetz erfaasst ginn: Ech schwätze vun der Lëtzeburger Press.

D’Lëtzeburger Press kritt vill Subventiounen, an dat muss och sinn, soss hätte mer déi Villfalt net an de Publikatiounen zu Lëtzebuerg. Dofir ass eise Marché ze kleng. Wann een awer esou vill Subventiounen kritt - a wéi gesot, ech fannen dat richtig -, da mengen ech awer och, dass ronderëm déi Momenter vun der Demokratie et iergendwou och muss en Neutralitéits- an Transparenzretour vun de Medienhaier dann och ginn.

Well - kommt, mir maachen eis näischt vir! - déi Sonderbehandlung, déi verschidde Parteien an där Zeitung kréien, déi hinne nosteet,...

(*Interruption*)

...Zeitungen - kommt, mir soe Presseorganer -, déi Behandlung, déi verschidde Parteien an deene Presseorganer kréien, déi hinne nostinn, ass natierlech och en Don en nature. Dat ass vill Plaz, fir déi eegen Iwwerzeugungen duerstellen, fir déi een net muss bezuelen.

Elo wësse mir awer och als gréng Fraktioun, dass et net einfach ass, de Stréch ze zéien tëschent deem, wat Informatioun ass, legitim Informatioun, legitim Interêt vun enger Zeitung, an deem, wat an de Beräich eriwuerget vum net bezweifelbaren Don en nature. Wann ee kuckt, wéi vill Plaz verschidde Parteien a verschiddenen Zeitunge kréien, dann ass dat onbestreitbar en Don en nature. Kommt, mir maachen eis dach näischt vir!

(*Interruption*)

An ech mengen, dass déi Journalisten, déi do schaffen, dass dat deenen allermeeschten och penibel ass, dass se sech müssen all puer Joer erëm eng Kéier hierginn, fir während zwou, dräi, véier, ënnef Woche Saachen ze schreien, wou se wierklech fannen als Journalist, dass dat eigentlech net...

(*Interruption*)

...zu hirem Job gehéiert. Och doriwwer musse mer eis eng Kéier ënnerhalen.

A wa mer an dësem Gesetz iwwert d’Dons en nature schwätzen, da soen ech ganz kloer fir déi gréng Fraktioun, dass mir mengen, dass déi Sonderbehandlung, déi verschidde Parteien an deenen Organer kréien, déi hinne nostinn, fir eis evidentierweis ënnert d’Dons en nature fällt an dass op deem dote Punkt d’Diskussioun och net eriwuer ass. Dat kann net sinn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*). - Wann ee kuckt, wéi vill Subventiounen un déi Organer ginn - à juste titre -, da muss een awer och kënnen e Retour erwaarden dee Moment, wou d’Demokratie spillt, an och an där Period virdrun. Well mir kritiséieren allegueren an dësen Deeg zum Beispill d’Wahlen a Russland a mir bezeichne se als net fair, haaptsächlech well den Zougang zu de Medien net richtig organiséiert ass.

Elo hu mir keng russesch Verhältnissen. Dat wëll ech net gesot hunn.

(*Interruptions*)

Mä mir hunn nach awer trotzdem ronderëm d’Medien a ronderëm d’Wahle Froen, déi sech stellen. An och déi Diskussioun wäert esou laang net fäerdeg sinn, bis mer net eng Äntwert op déi Fro ginn hunn, déi fir d’Demokratie a fir eis heibanne wichteg sinn.

(*Interruptions*)

An ech wëll nach zwou aner Froen drunhänken. Mir beschäftegen eis als Parlament vill mat der Fro vun der Parteifinanzierung - zu Recht. Mä et gëtt nach aner Voleten, wou mer eis Demokratie kënnen verbesseren. An och domadder wäerte mer eis beschäftegen. Mir hunn elo domat ugefaangen. Dat ass d’Fro ronderëm d’Transparenz bei den Deputéierten, wou mer am Januar, spéitstens am Februar an der zoustänneger Kommissioun eis a priori wäerten

doriwwer ënnerhalen, wat de Code de déontologie fir Parlamentarier soll sinn, wou mer och do musse Verbesserung maachen, dans le même ordre oder dans le même esprit, wéi mer et elo diskutéiere bei de Parteien a bei der Parteifinanzierung.

Och do si mir als gréng Fraktioun der Meinung, dass et schätzeg muss goen, dass mer do net brauchen ze waarden, dass iergendee GRECO fir Parlamentarier sech mell. Dee gëtt et awer schonn, en heescht „Transparency International“. Mä ech mengen, och do kënnen mer aus eegener Kraaft eppes produzéieren am Beräich vun der Transparenz a virun allem och vum Conflit d’intérêts, well dorëms geet et jo.

Déi Transparenz déngt jo dem Conflit d’intérêts, fir dee visibel ze maachen, fir dass d’Wielerinnen an d’Wieler wëssen, wou se mat dësem oder deem dru sinn. Net onbedéngt, fir eppes ze verbidden, mä fir einfach kloerzemaachen: Wou sinn Interessenskonflikter? Do musse mer och séier virukommen.

An datselwecht gëllt et fir d’Regierung a fir déi ganz Verwaltung. Do ass vläicht net d’Chamber gefuerdert, fir deenen hir Hausaufgab ze maachen. Mä och wann d’Regierung sech mat där do Fro wäert beschäftegen, ass dat keng Privatsaach vun CSV an LSAP, och wann déi grad zoufälleg elo d’Regierung bilden.

► **Une voix.** - Dat ass awer keen Zoufall!

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*). - Och wann d’Regierung sech mat deene Froen beschäftegt, si mir der Meinung, dass och déi aner Parteien an d’Opinion publique e Recht hunn, sech och do mat an d’Diskussioun kënnen anzebréngen. Och do sinn nach Froen net gekläert. Et geet also net nëmmen ëm d’Thüringer an ëm déi Zorte vun Dons en nature. Et geet nach ëm ganz aner, vill méi substanzuell Froen am Beräich vun dem Zougang zu de Medië bei de Wahlen, am Beräich vun de Conflits d’intérêts fir Parlamentarier, awer och fir Regierungsmemberen a fir d’Verwaltung insgesamt.

Och zu deene Froen wäerte mer eis hoffentlech an deenen nächste Wochen a Méint ganz detailléiert äusseren an och hoffentlech zu Konklusiounen kommen an dësem Gescht, am Gescht vum Konsens, wéi mer et gemaach hu bei der Parteifinanzierung, wou mer d’Eestëmmegeet ustriewen an et och fäerdegbruecht hunn, gutt Lösungen ze fannen. Ech ginn d’Hoffnung net op, dass mer et bei deenen aneren Themen, déi ech genannt hunn, och wäerte fäerdegbréngen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Braz. D’Wuert kritt elo den Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*). - Merci, Här President. Ech mengen, mir als Partei, als ADR ware ganz frou, wéi mer 2007 dat Parteifinanzierungsgesetz hei gestëmmt hunn, well mer virdrun ëmmer gesot hunn, dass et falsch ass, dass d’Partei sech missten iwwert Donë finanzéieren, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war, an domadder sech automatesch als Partei och eng gewëssen Ofhängegkeet ginn hunn.

Ech schwätzen elo net vun deene klengen Donë vun deemools nach e puer Honnert Euro oder e puer Honnert Frang, mä ech schwätzen och vu relativ substanzuellen Donen, déi déi Zäit un d’Partei gefloss sinn. Entreprises oder Leit, déi substanzuell Donen un d’Partei fléisse gelooss hunn, déi hunn dat an der Regel net weinst de schéine Gesichter vun de Politiker gemaach, mä déi hunn dat normalerweis mat Hannergedanke gemaach, a si hätten och gären iergendwéi eppes retour dovun.

Duerfir waren d’Parteien net méi onofhängeg - géif ech soen - vis-à-vis vun enger Rei vun Entreprises, a mir hate jo an der Vergaangenheet genuch Fäll, déi dat bewisen hunn. Duerfir war et scho gutt, dass mer dat Parteifinanzierungsgesetz gemaach hunn, wou d’Partei vun dem Stat, dat heescht vum Steuerzueler direkt finanziert ginn.

Mä de Corollaire dovun war, dass dann awer op där anerer Säit keng Donë méi dierfte vun Entreprises kommen, mä dass se, wéi d’Gesetz et virgesäit, nach kënnen vu physische Persoune kommen, mä dass déi da musse public gemaach ginn, sou dass och jiddweree weess, wann Donë kommen, vu wat fir enge Persounen déi Donë kommen. Ech mengen, dass war de Corollaire dovunner an dat war och wichteg. A mir waren eis deemools och heibanen alleguer eeneg, fir an déi dote Richtung ze goen.

De Kolleg Spautz huet hei d’Problematik opgeworf vun de fräie Lëschten, déi mer elo bei där enger oder där anerer Gemeng doruechter konnte feststellen. Et ass richtig, dass déi Lëschte kënnen am Fong Donen asammelen, well se ënner keng gesetzlech Kontroll

falen. Mä et muss een op där anerer Säit och soen, déi Lëschte kréie keng Suen iwwer eng Parteifinanzierung. Duerfir, wann een hiegt an et seet een, déi däerfen zum Beispill keng Donë méi kréien, da misst een och eng Regelung fannen, wéi een dann déi fräi Lëschte géif finanzéieren, wa se kandidéieren. Et kann een net soen, si kréie keng Donen, an Dir gitt hinne keen Ersatz dofir.

Ech sinn also och der Meinung, dass een do sollt eng Regelung fannen, fir dass déi net méi op Donen ugewise sinn - oder kréien oder net kréien -, mä dass déi och wéi all Partei missten d’Méiglechkeet kréien, iwwer eng Finanzéierung kënnen hir Wahlcampagnen ze finanzéieren.

Doriwwer eraus kann och eng Partei haut nach Donë kréien. Si brauch just op d’Parteifinanzierung ze verzichten. Also, et ass also net, dass eng Partei keng méi ka kréien. Mä wann eng Partei mengt, si géif iwwert Donë besser liewen, kéint se dat maachen. Si muss dat natierlech dann no bausse public maachen, an da kann all Mënsch sech natierlech seng Gedanke maachen, wéi eng Partei géif op d’Parteifinanzierung verzichten, well se iwwert Donë géif finanziert ginn.

E véierte Punkt, dee geet iwwert d’Dons en nature. De Kolleg Félix Braz huet dat hei erkläert, an ech ka vun eiser Säit aus zu honnert Prozent eis domat d’accord erklären, wat de Kolleg Braz hei gesot huet. Den Här Spautz huet a senger Interventioun vun Dons en nature och vun deene véier Thüringer geschwat.

► **Une voix.** - Grillingier!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*). - Ech mengen, de Problem wier net bei deene véier Thüringer bei den Dons en nature, mä e läit genau do, wou de Kolleg Braz et gesot huet: E läit bei där indirekter Hëllef, déi d’Parteien iwwert d’Zeitunge kréien, déi hinne méi oder manner nostinn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*). - An ech mengen, wann ee weess, wat do a verschiddenen Zeitungen... An de Félix Braz huet gesot: 14 Deeg, dräi Wochen. Wieren et nëmme 14 Deeg, dräi Wochen! Mä et sinn der 365 Deeg am Joer,...

(*Hilarité*)

...wou verschidde Parteien an hiren Zeitungen, déi hinne nostinn, permanent - permanent! - eng Campagne gemaach kréien. Dat geet vun de Fotoen iwwert d’Artikelen bis bei de „Gaart an Heem“. Wann ee vun hirer Partei President ass, da steet dee méi grouss do wéi en aneren. Also, do geet et systematesch.

Wann een dat misst, Här President, ëmrechnen a Geld, wat dat fir ee Wäert bréngt, dat wier net ze chiffriieren. Da wier déi ganz Parteifinanzierung Peanuten am Fong vis-à-vis vun där Hëllef, déi een do kritt.

Ech soen och, déi gréissten Zeitung hei am Land, d’„Lëtzeburger Wort“, déi mécht jo awer fir d’CSV esou eng enorm Campagne joeran, joeraus,...

► **Une voix.** - Ah bon?

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*). - ...déi ass net ze bezuelen.

(*Interruption*)

An do muss een och d’Fro stellen am Fong, ob do de Krees sech net zoumécht. Well déi Zeitung gehéiert net der CSV, souvill wéi ech weess, gehéiert déi dem Bistum.

Do muss ech dann och d’Fro stelle vun der Ofhängegkeet oder Onofhängegkeet vu Parteien a Kierchen, wann deen Amalgame iwwer eng gratis Publicitéit iwwer hir Zeitung enger Partei zur Verfügung gestallt gëtt.

(*Interruption*)

Also ech mengen och, wa mer scho vun Dons en nature schwätzen, dann ass dat doten dee Fall, dee mer ee fir allemol och müssen eng Kéier diskutéieren, well do gëtt dee gréissten Abus bedriwwen. An et wonnert mech, dass de GRECO nach net dorobber gestouss ass, wou am Fong dee gréissten...

(*Interruptions*)

...Abus stattfënnt an den Dons en nature. Mir wäerten och dorobber pochen, dass mer do eng Kéier eng Regelung kréien, déi korrekt ass. Déi kréien eng Pressehëllef vum Steuerzueler a si hunn eiser Meinung no duerfir och eng Obligatioun, fir an enger gewësser Neutralitéit d’Partei wéi eis gesamt Gesellschaft ze behandeln. Si kréie se doudsicher net, fir parteipolitesch Propaganda ze maachen - oder mir hätten eppes do falsch verstanen!



Dat gesot, Här President, wëll ech dem Kolleeg Paul-Henri Meyers Merci soe fir säi gudden Rapport. Mir wëssen, datt seng Rapporten, souwuel déi schréfftlech wéi déi mëndlech, esou explizit sinn, datt kee vu menge Virriedner an och ech eis am Fong hu missen direkt mat dem Gesetzestext befaassen. Dee war komplett hei a formidabel gutt erkläert ginn, sou datt ech vun eiser Säit aus awer och kann d'Zoustëmmung zu dësem Gesetzesprojet bréngen.

Ech soen Iech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Gibéryen. Elo kritt nach d'Wuert den Här Claude Meisch.

► **M. Claude Meisch (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mam Parteiefinanzierungsgesetz vun 2007 hu mer hei zu Lëtzebuerg Neiland betratt, wat wichteg war dee Moment. D'Ambitioun war et vun der Chamber, fir eng lieweg Demokratie ze hunn, sou datt d'Parteien, déi e Rôle an enger lieweger Demokratie ze spillen hunn, beim Meenungsbildungsprozess aktiv sech kënne bedeelegen, datt se d'Moyenë kréien, fir dat haut, esou wéi d'Demokratie haut fonctionnéiert, dann och kënne ze maachen.

Gläichzäiteg war et awer och d'Ambitioun vun deem Gesetz, fir e Stéck méi Transparenz kënne ze assuréieren, wat de Finanzement an de Fonctionnement vun de Parteien ubelaangt, a gläichzäiteg och e Stéck Chancëgläichheet ze garantéieren, datt jiddwereen, deen an engem

gewëssene Mooss mat enger gewëssener Masse critique wëllt untrieden, datt deen och d'Méiglechkeet huet, do an deem demokrateschen Débat da matzemaachen.

Mir hunn Erfahrung gesammelt am Laf vun deene leschten dräi, véier Joer. Et huet een elo gemierkt, datt eng Rei vu Lücken opstoe bliwwen sinn, an ech wëll se net méi alleguerten opzielen, meng Virriedner hunn dat eigentlech hei gemaach. Et war de Moment, fir deen Text do nach eng Kéier ze adaptéieren.

Gläichzäiteg hu mer dann och vu baussen nach eng Kéier eng Rei vu Rotschléi mat op de Wee kritt, deene mat dësem Gesetz wäert Rechnung gedroe ginn, wou mer eis e Stéck weider un international Transparenzregele wëllen upassen. Ech mengen, och dat ass e wichtegen an en noutwendege Prozess. Woubäi een zwar dach muss soen, datt an den Detaildiskussionen een ëmmer erëm gemierkt huet, datt dat A vu baussen dann awer heiansdo aner Envergürë gewinnt war ze kontrolléieren, wéi mir dat hei zu Lëtzebuerg hunn, an datt eng Rei vu Recommandatiounen sécherlech net op - jo - déi Praxis, déi mer hei zu Lëtzebuerg am Alldag gelieft hunn, ëmmer esou ze applizéieren waren.

Et huet een awer festgestallt, datt et hei jo net ëmmer nëmmen ëm Tombolaslousen awer och gaangen ass a Cadeaue fir an d'Tombola an ëm Thüringer, mä datt et finalement awer och drëms geet, fir - jo - den Afloss vu grouse Lobbygruppen, dee virun allem iwwer Geldmoyenë ka geltend gemaach ginn, fir deen ze beschränken, an datt et éischter d'Iddi sinn, déi an der

Demokratie no vir solle kommen, déi eben och iwwer hei eng öffentlech Finanzéierung vun de Parteien kënne mat an engem groussen Débat sech Gehéier verschafen - Iddien, déi vun de Bierger solle kommen, déi vun de Wieler solle kommen, déi vun de Membere vun de Parteien solle kommen an doduerjher finalmente zum Wëllensbildungsprozess hei an der Demokratie kënne bäidroen. Duerfir stëmmt och d'demokratesch Fraktioun dëst Gesetz.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Meisch. Domadder wäert mer um Enn vun der Diskussion a mir kéimen zur Ofstëmmung iwwert d'Proposition de loi.

**Vote sur l'ensemble de la proposition de loi et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

D'Proposition de loi N°6263 ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Aderm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par Mme Nancy Arendt), Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Lucien Clement), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber (par M. Marc Lies),

Lucien Weiler (par M. Marc Spautz), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roger Negri), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox (par Mme Josée Lorsché), Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par M. Claude Adam);

MM. Jean Colombero (par M. Fernand Kartheiser), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gett d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.


Domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer um 9 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

**(Fin de la séance publique à 18.23 heures)**

# Chamber TV

och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vu 19:00 Auer un



# SÉANCE 13

JEUDI,  
15 DÉCEMBRE 2011

Présidence: M. Laurent Mosar, Président • Mme Lydia Mutsch, Vice-Présidente

## Sommaire

- Dépôt d'une motion par M. Norbert Hauptert
  - M. Norbert Hauptert
- 6232 - Projet de loi:
  - portant création de l'Agence pour le développement de l'emploi;
  - modifiant
    - le Code du Travail;
    - la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État;
    - la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds pour l'emploi;
  - réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet;
  - la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration;
- abrogeant la loi modifiée du 21 février 1976 concernant l'organisation et le fonctionnement de l'Administration de l'emploi et portant création d'une Commission nationale de l'Emploi
  - Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi: M. Lucien Lux
  - Discussion générale: M. Marc Spautz, M. André Bauler, Mme Viviane Loschetter, M. Gast Gibéryen, M. Serge Urbany
  - M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration (Mme Viviane Loschetter pose une question)
- Ordre du jour
  - M. le Président
- Nomination d'un médiateur
  - M. le Président
  - Vote secret (appel nominal)
- 6374 - Projet de loi portant
  - modification de l'article L.211-11 du Code du Travail;
  - modification de la loi modifiée du 17 février 2009 portant 1. modification de l'article L.511-12 du Code du Travail; 2. dérogeant, pour l'année 2009, aux dispositions des articles L.511-5, L.511-7 et L.511-12 du Code du Travail;

- modification de la loi modifiée du 11 novembre 2009 1. concernant certaines mesures temporaires visant à atténuer les effets de la crise économique sur l'emploi des jeunes; 2. modifiant certaines dispositions du Code du Travail
  - Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi: M. Roger Negri
  - Discussion générale: M. Serge Wilmes, M. André Bauler, Mme Viviane Loschetter
  - M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration
- 5660B - Projet de loi concernant l'exercice de la profession d'avocat sous forme d'une personne morale et modifiant
  - la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat;
  - les articles 2273 et 2276 du Code civil
    - Rapport de la Commission juridique: M. Gilles Roth
    - Discussion générale: M. Xavier Bettel, M. Alex Bodry, M. Félix Braz, M. Jacques-Yves Henckes
    - M. François Biltgen, Ministre de la Justice (M. Jacques-Yves Henckes pose une question)
    - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Projet de loi n°6232 (suite)
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Projet de loi n°6374 (suite)
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Motion de M. Norbert Hauptert relative à l'opposition à l'initiative de création d'un Fonds européen pour la démocratie
  - M. Norbert Hauptert (renvoi en commission)
- 6333 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 9 décembre 1976 relative à l'organisation du notariat
  - Rapport de la Commission juridique: M. Léon Gloden
  - Discussion générale: M. Jacques-Yves Henckes
  - M. François Biltgen, Ministre de la Justice
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Discours de fin d'année de M. le Président
  - M. le Président, M. Lucien Lux, M. François Biltgen, Ministre de la Justice

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. François Biltgen et Nicolas Schmit, Ministres.

**(Début de la séance publique à 9.00 heures)**